

RTL Radio Lëtzebuerg

Vun der Villa an de KB1...

... oder vum 10-Stonne-Sender
bei de volle Programm

Um Enn vun den achtzeger Joeren gouf et enk, net nëmmen an der Villa Louvigny, mä och an de Büroen an am Programm vum eenzegem autoriséierte Lëtzebuenger Radiosender.



Vic Fischbach

Am Stater Park

Den Numm hat fir eis Teenager eppes Magesches, vun der historescher Bedeitung wosste mer näischt, dat huet eis zu deem Moment och wéineg intresséiert. Net d'Kasematte waren et, déi d'Villa Louvigny sou eenzegaarteg gemaach hunn, nee, et waren d'Studieo vum däitsche Radioprogramm an dem franséischen Televisiounsprogramm vun RTL. Oder nach besser d'Gäschte, déi sech deemools an de 70er Joer d'Studiosklensch an de Grapp ginn hunn. Néierens konnt ee sou no u Stare kommen, déi ee soss nëmme vu Radio an Tëlee oder aus Musek-Zeitunge kannt huet. Matten am Stater Park konnt ee se gesinn a souguer en Autogramm froen, wa se aus den Interviewe koumen an nach Loscht hatten, an d'Stad ze trëppelen.

E puer Joer duerno, wéi ech deen éischte Fouss an d'Villa gesat hunn, hat ech d'Gefill, an en Tempel eranzekommen, op eng Plaz, déi eng enorm Ausstralung hat. Stare koumen deemools scho manner, den däitsche Radio hat sech dem Glamour vun der Tëlee ugeschloss an d'Stare koumen, wann iwverhaupt, op Bartréng a spéider op Köln. Just am grouse Studio huet een nach dat eent oder anert bekannte Gesiicht gesinn, wann Opname vu Lidder gemaach goufen, souzesoen „homemade Video-clips“. Mä am grouse Ganze war d'Villa laang ze kleng gi fir all déi Aktivitéiten.

De Lëtzebuenger Service huet sech awer nach eng Zäit hei doheem gefillt. De Radio war deen, fir deen ech meng éischt Schrëtt an d'Villa an an de Studio gemaach hunn. Konkret war et fir d'Kanneremissioun an et war sou en Job niewelaanscht, als Freelance. Faszinéiert war ech schonn ëmmer vun deem Media, am Fong manner fir Stare ze begéinen, wéi fir e gewësse Virwëtz ze stëppelen. De Virwëtz op Informatiounen, Evenementer, Entwécklungen an alle méigleche Beräicher, déi ech da verschafft konnt weiderverméttelen. An néierens léiert een dat besser, wéi an engem Programm fir Kanner. Si stellen einfach Froen a wëlle grad sou einfach a konkret Äntwerten. Am Fong wëlle se dat, wat Erwuessener och wëllen, just deene muss een dann awer e bëssi méi komplex Erklärung ginn, dat kléngt méi kompetent an authentesch. Eng gutt Schoul fir Reporter a Speaker, hunn ech fonnt. Op alle Fall huet se mer vill a mech wäit bruecht. Vun der Kanneremissioun iwver de Wonschconcert bei de Sport, de Magazin, d'Mëttesstonn, d'Kulturemissioun a wann Der wëllt bis bei d'Programmchefin. Mä souwäit konnt deemools 1985 nach kee gesinn, oder besser läuschteren.

De Radioprogramm huet nëmme stonneweis op Lëtzebuergesch gesent, der-tëscht sinn den däitschen a den englesche Programm agespillt ginn. D'Noriichteredaktioun war dee gréissere Service, d'Animatioun – fréier gouf anscheinend ein-

fach vun „de Meedercher“ geschwat – war éischer bescheiden. De Büro e Schloff mat dräi Pulter niefteneen a grad sou ville Schreibmaschinen. Ware schonn dräi Kollegen am Gaang ze tippen, huet ee sech muse mat senge Schreiwereien iergendwou zeréckzéien. An d'Kantinn zum Beispill, mä heiansdo konnt ee sech och an d'Discothèque setzen a mat de Sekretärinne poteren a laachen a Musek sichen.

A wann de Programm gemaach a fäerdeg getippt war, sinn d'Këschte mat den Disken an de Studio gefouert ginn. Dorëms huet sech een anere Service gekëmmert. Gott sei Dank, well de Wee an de Studio war wäit; heiansdo, wann den Orchester net geprouft huet, gouf et nach d'Ofkierzung duerch den Auditoire. Soss ass een eng Trap erof an de Keller gaang, duerch e Gank op déi aner Säit an da mam Lift op den zweete Stack an de Studio. De Lift war scho wichtig, ausser Otem nom Trapegoe war alles anescht wéi gutt fir e Speaker, dee seng Emissioun sollt ufänken.

Definitiv, déi charmant Villa huet trotz hirer formidabler Lag matten am Park a matten an der Stad, an där ee sech sou séier nach e bëssi Inspiratioun siche gaangen ass, mat der Entwécklung net méi matgehalen.

Eng Entwécklung, déi och bei de Lëtzebuenger Aktivitéiten ze spiere war. Och wa Radio Lëtzebuerg, de Kanal 18, wéi en deemools genannt gouf, nach ëmmer de Monopol als eenzeg Radiostatioun am Land hat, hat e lues, awer sécher

Konkurrenz kritt. Wuel keng offiziell, mä eng Rei vu sougenannte Piratesender (RFM & Co) hunn am Land hire Publikum fonnt, vrun allem e jonke Publikum, dee sech net nëmme just mat Noriichten a Service public zefridde ginn huet, mä dee méi wollt: Informatioun, Entertainment, Musek an dat net nëmme zu festgesaten Zäiten.

Et war um Enn vun den 80er Joren enk ginn: am Programm, am Büro, an der Equipe, an der Villa!

Op de Kierchbiërg...

D'Villa war déi éischt, déi dem Drock huet mussen noginn. En neit Gebai ass um Kierchbiërg entstanen an d'Administratioun an d'Radioe si geplënnert. Vum Park op d'gréng Wiss, der Natur weider verbonnen, just d'Inspiratiounsquell Stad war wäit aus de Féiss. Um Boulevard Pierre Frieden gouf et näischt. Just de Wunnquartier Kiem, d'Europaschoul, e puer Banken an d'Foireshale waren an der Géigend. Kee Kino, keen Auchan, kee Resto, kee Bistro.

O vreck!

Net einfach fir eng ëmmer méi jonk Equipe, déi weider sollt mat vill Elan de Programm vu Radio Lëtzebuerg beliewen, sou wéi et lues scho mat éischte Magazins-Emissiounen ugaange war. D'Informatioun war net just fir an de Journal, d'Informatioun war fir iwwehall an iwwe alles, dat war de Message. Zu där Equipe hunn ech dann zënter 1988 och fest gehéiert.

Der Villa hate mer mam néidegen Tamtam Äddi gesot, mat vill Schampes a Béier an e puer Wuert op den eidele Maueren. Déi huet de Max Kuborn deen anere Moien nees gewäisst, zu deem Moment, wou mir mat nach déckem Kapp Schief, Büroen a Studioen um Kierchbiërg age-richt hunn.

Am Animatiounsbüro an der Villa Louvigny (1987)



© Raymond Clement



© Revue

„Komm maach mech un!“ – Eng Publizitéitskampagne fir de Programm vu Radio Lëtzebuerg an der „Revue“ (1995)

Net nëmme d'Büroen an déi méi einfach Accessibilitéit vum Site sollt Virdeeler bréngen, och déi technesch Konditiounen hunn d'Aarbecht erlichert an nei Perspektive geschaf. Endlech konnt och de Lëtzebuëger Programm self-op fueren. De Gibbes Bertolo war deen éischten, dee selwer huet duerfen d'Knäppercher a senger Sendung bedéngen.

Et war deemools schonn eng Opbrochstëmmung an der Equipe, déi Loscht op méi hat a sech mat vill Motivatioun op een Evenement preparéiere wollt: dat neit Mediegesetz. Den Image vum Monopolist, dee staatstragend ass, e bëssi verstëbt wierkt, déi Jonk net erreicht, keng musikalesch Ligne huet a just tëscht den Neiegeketen opféllt, wollt jidderee lass ginn. Äusserdeem sollt de Programm jo och Sue verdéngen, huet souguer musse Sue verdéngen, fir sech droen ze kënnen.

Jo, mir wollten e flotten, coole Programm maachen an hunn eis op déi nei, offiziell Konkurrenz gefreet. Lues a lues ass d'Equipe gewuess an och zesumme gewuess, dat war um Ufank net einfach. De Service „Animatioun“ ass opgebaut ginn, krut kloer Moderatiounstranchen an eng richteg a komplett Programmgrille.

De Gibbes Bertolo, de Felix Eischen, de Bas Schagen, d'Michelle Reiter, d'Françoise Hetto, de Patrick Greis an ech, mir waren déi jonk Wëll, déi mat den experimentéierte Kollegen, déi scho laang derbäi waren, wéi dem Manette Dupong, Jeannine Theisen, Raymond Tholl, Michel Raus, an engem Service zesumme geschafft hunn.

De Mathesse Fern, laang Jore Speaker, koun no engem kuerzen Ausfluch an eng aner beruflech Carrière zeréck an huet als Programmchef dat opgebaut, wat d'Gerüst vun deem Programm ass, dee Radio Lëtzebuerg haut produzéiert.

An enger kompletter Teemaarbecht gouf d'Grille ausgebaut, d'Equipe méi grouss, d'Visibilitéit och no bäusse méi kloer. D'Emissioun goufe personifizéiert, Live-Sendunge baussent dem Studio kruten eng nei Dynamik, Spiller an Aktiounen hu fir Interaktivitéit gesuergt, Themen am Beräich Lifestyle, Soziales, Kultur, Sport hunn hir Magazins-Plage fonnt an hir Diskussiouns-Plage, Talk-Emissiounen si wich-

tege Bestanddeel ginn. RTL Radio Lëtzebuerg, zwëschenzäitlech och emol 92,5 genannt, krut mat 88,9 eng zweet Frequenz, eng kloer Museklinn an en erfrëschenden Tounfall.

De KB 1

Haut huet d'Animatiounsequipe sech weider vergréissert a perfektionéiert mat jonke Kollegen, déi éischt Erfarunge bei Eldorado gesammelt oder de Wee vum Freelance respektiv Student an de feste Staff fonnt hunn. Den Job vum Animateur ass nach méi komplex ginn a verlaangt hautdesdaags Kompetenzen op ville Pläng, dat gëllt am selwechte Mooss och fir d'Sportredaktioun, fir d'Technik, fir d'Organisatioun respektiv fir d'Freelance, ouni déi d'Qualitéit sécher net kéint an deem Mooss garantéiert ginn.

Och déi technesch an elektronesch Erausforderungen hunn ëmmer nees Innovatiounen bruecht.

Haut leeft de Programm digital, 24 Stonne laang, huet sech mat de moderne Medien ugefrennt a schweesst d'Energien zu Synergien zesummen: tëscht Animatioun a Redaktioun, tëscht Radio an Internet, tëscht KB1 a KB2. Sou heesche se, déi zwee Gebaier, déi um Kierchbiërg den RTL-Site ausmaachen, déi aner Säit am KB2 ass d'Télee doheem.

Sou vill ass a 24 Joer geschitt, och de Kierchbiërg huet sech an all där Zäit verännert, ass méi lieweg, méi dynamesch a méi zougänglech ginn. Scho bal eng Stad fir sech.

Geschwë kritt de Radio nees en neit Doheem an engem neie Komplex, direkt niewendrun. 2016 soll dat sinn. Mol kucken, wien dann den aneren Dag d'Mauere vum alen Doheem wäisse geet, well gefeiert gëtt sécher. Mat vill Tamtam a Schampes a Béier. Wéi deemools an der Villa Louvigny.

Déi Villa Louvigny, déi nach ëmmer matten am Park trount, a wann ech lantscht ginn, erënneren ech mech un d'Staren an hir Autogrammer.

An ëmmer och un d'Kanneremissioune!

Christiane Kremer